



**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op
d'parlamentaresch Fro n°5648 vum Här Deputéierten Jeff Engelen**

De Fonds Kierchbiérg ass Proprietär vum Pôle d'échange Luxexpo, deemno och vum Parking Gernsback. De Fonds Kierchbiérg muss sech laut dem Gesetz (loi du 7 août 1961 relative à la création d'Fonds d'urbanisation et d'aménagement du Plateau de Kirchberg) selwer finanzéieren. De Budget fir de Bau vum Parking ass 15 Milliounen Euro. De Staat war um Bau vum Parking finanziell net bedeelegt an de Fonds kritt och keng Subside vum Staat fir d'Exploitatioun. De Parking Gernsback gëtt dowéinst och net als gratis P&R bedriwwen. Dës Roll soll spéiderhinn den Héienhaff iwwerhuelen.

Zesumme mat dem Exploitant leet de Fonds d'Präisser am Parking Gernsback fest. Den Ufankspräis war immens niddreg. Den Exploitant hätt et laangfristeg schwéier gehat, mat deem Tarif finanziell iwwert Ronnen ze kommen. Mat senger neier Präisgestaltung läit de Parking Gernsback awer nach ëmmer ënnert der Moyenne vun de Stater Parkingen (vgl. Tableau). Seng Integratioun an eng multimodal Plattform erlaabt dem Automobilist, zu engem vergläichsweis gënschtege Präis den Auto dréchen a sécher ze parken a mam Tram ënnerhalb vun 18 Minutten matten an der Stad um Royal Hamilius ze sinn. Et kann een also net vun enger besonnescher Penaliséierung vum Autoschauffeur schwätzen, wann et ëm de Parking Gernsback geet.

Doriwwer eraus ass grad de Kierchbiérg duerch seng zwee Pôle d'échangen gutt un den ëffentlechen Transport ugebonden. D'Busser aus dem Oste vum Land halen an der Busgare vum Pôle d'échange Luxexpo an den Tramsarrêt Rout Bréck – Pafendall ass duerch de Funiculaire direkt mat der CFL-Gare am Pafendall verbonden.

Präis fir 10 Stonne Parken

| | |
|----------------------------------|-----------|
| Konrad Adenauer (net iwwerdeckt) | 5 |
| Glacis (net iwwerdeckt) | 10 |
| Rond Point Schuman | 10 |
| Stade | 10 |
| Gernsback | 15 |
| Erasme | 16,80 |
| Place de l'Europe | 16,80 |
| Trois Glands | 16,80 |
| Brasserie | 20 |
| Gare | 20 |
| Nobilis | 23,50 |
| Coque | 24,50 |
| Neipperg | 24,60 |
| Rocade | 24,60 |
| Wedell | 24,60 |
| Knuedler | 26,80 |
| Monterey | 26,80 |
| Théâtre | 26,80 |
| Royal-Hamilius | 28,80 |

(Source: vdl.lu 03/02/2022 a FUAK)

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Francois Bausch